association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 20. November 2025

Léif Memberen,

Mir begréissen d'Initiativ KI Kompass[1] vum Ministère. De SCRIPT huet vill Aarbecht geleescht fir eng Rei KI-Tools[2] an Informatiounen zur Verfügung ze stellen an eng Ëmfro[3] bei Schüler an Enseignanten gemaach. Mir fannen et och gutt, datt den OEJQS eng Etüd[4] zum Impakt vun der KI op d'Bildungswiesen duerchféiert.

Mir deelen dem Minister säi Prinzip "de Mënsch virun der KI". Mir gesinn awer de Risiko, datt mer an déi entgéint gesate Richtung ënnerwee sinn, nämlech zum Transhumanismus[5] fir beim Posthumanismus unzekommen. Datt dat keng abstrakt Gefor an enger wäiter Zukunft, mä eng ganz real Entwécklung ass, schéint schwéier ze iwwersinn.

Aktuell KIen erreechen en IQ vun iwwer 140 am Mensa Norway online test[6] a gewanne Goldmedailen op der internationaler Mathesolympiad[7]. Mir befannen eis an enger Iwwergangszäit, wou mer léieren d'KI ze benotzen fir eis Produktivitéit ze steigeren. An de Potential ass enorm. Nach ni hate mir en Assistent mat enger vergläichbarer Intelligenz, deen Dag a Nuecht do war fir eis Uerderen auszeféieren an eis Froen ze beäntweren. Wa mer eis wëllen an en Thema aschaffe froe mer d'KI eis e Buch op Mooss ze schreiwen, ënner Berécksiichtegung vun eise Kenntnisser an Interessen. Mir kënne Course plangen, Exercicer a Léisunge generéiere loossen. De Schüler ka säi Schoulmaterial an engem KI-Notebook[8] organiséieren a geziilt Froe stellen, sech individualiséiert Aufgaben, Quizzer, Erklärungsvideoen a villes méi generéiere loossen.
Mä féiert dat zu méi oder manner Bildungsgerechtegkeet? D'Qualitéit vum KI-Output ass proportionell zur Qualitéit vum Input. Mir gesinn éischter de Risiko, datt d'Diskrepanzen tëscht de Schülerkompetenzen weider klamme wäerten.

Den Impakt vun der KI op den Aarbechtsmarché[9] gëtt ëmmer méi visibel an et stellt sech d'Fro, wéi eng Roll de Mënsch an Zukunft nach spille soll respektiv däerf[10]. Fir d'Educatioun bedeit dat an eisen An, datt dringend misst doriwwer nogeduecht ginn, wéi eis ëffentlech Schoul, a besonnesch eis Schoulprogrammer, den Tatsaachen an Entwécklungen um Terrain ugepasst solle ginn. Wéi eng Perspektiven hunn eis Schüler op engem an de nächste Joren potentiell staark schrumpfenden Aarbechtsmaart?

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

[1] https://men.public.lu/fr/actualites/communiques-conference-presse/2025/10/06-ki-kompass.html
[2] https://ki-kompass.lu/tools
[3] http://ki-kompass.lu/wp-content/uploads/2025/10/Auswertung-Ki-Umfrage-Sommer-2025-DE-v1.pdf
[4] https://www.oejqs.lu/de/project/die-auswirkungen-des-raschen-aufkommens-von-technologien-der-kunstlichen-intelligenz-auf-lern-lehr-und-bewertungsprozesse
[5] https://en.wikipedia.org/wiki/Transhumanism
[6] https://trackingai.org
[7] https://www.entrepreneur.com/business-news/google-deepmind-openai-ai-win-gold-at-math-competition/494914
[8] https://notebooklm.google.com
[9] https://gemini.google.com/share/dab64f170b08
[10] https://gemini.google.com/share/ca92adc8b6e5

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426